N°7845
Entrée le 20.04.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Égalité entre
les femmes et les hommes

**Äntwert vun der Ministesch fir Gläichstellung tëschent Fraen a Männer op d'parlamentaresch Fro n° 7845 vum 30. Mäerz 2023 vum Här Deputéierten Fernand Kartheiser.**

Zanter der Ratifizéierung vun der Istanbul Konventioun den 3. Juli 2018 ënnerstëtzt d'Regierung d'Ëmsetzung vu verschiddene Moossname fir Fraen, Kanner a Männer besser géint haislech Gewalt an aner Forme vu geschlechterbaséierter Gewalt ze schützen. D'Istanbul Konventioun ass eis Richtlinn fir den nationalen Dispositif ze stäerken a weider auszebauen.

Op Basis vun der éischter Evaluatiounsvisite vum "*Groupe d'experts sur la lutte contre la violence à l'égard des femmes et la violence domestique (GREVIO)* " vum Europarot vum 24-27 Oktober 2022 gëtt en éischte Bilan iwwert Ëmsetzung vun der Istanbul Konventioun zu Lëtzebuerg gemaach. Den Bericht dovun sollt an der zweeter Hallschent vum Joer ofgeschloss sinn .

Mäi Ministère investéiert säit 2018 tëschent 61% an 69% vu sengem globale Budget an de Kampf géint haislech Gewalt an an de Mënschenhandel. Des Fonge ginn direkt un eis konventionéiert Partner, déi responsabel si fir d'Prise en Charge an d'Betreiung vu Fraen a Männer déi Affer vu Gewalt sinn.

D'Zuele par Rapport zur Entwécklung vun der haislecher Gewalt zu Lëtzebuerg fannt Dir am järleche Bericht vum "Comité de Coopération entre les professionnels dans le domaine de la lutte contre la violence" an ënnert dem Volet "violence domestique" vum Observatoire de l'Égalité. Des Statistiken dokumentéieren d'Situatioun vun der haislecher Gewalt zu Lëtzebuerg.

Lëtzebuerg, den 20/04/2023.

D'Ministesch fir Gläichstellung tëschent Fraen a Männer

(s.) Taina Bofferding